

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. November 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Vill Betriber hu mussen op d'Heemaarbecht zeréckgräifen, wéi den Etat de Crise vun der Regierung ausgeruff ginn ass. Wéi dësen nees opgehewe gouf, ass d'Heemaarbecht a verschiddene Betriber bäibehale ginn. Esou schaffen zanterhier eng ganz Rei Leit, esouwuel am ëffentlechen ewéi och am private Sektor, vun doheem aus. Fir Betriber, déi hir Leit awer aus der Heemaarbecht zeréckgeholl hunn, kéint de Sujet Heemaarbecht, bei de rezenten Entwécklungen an der Covid-Kris, elo awer nees ganz aktuell ginn.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Aarbechtsminister an der Madamm Justizminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi weist sech d'Rechtslag vun der Heemaarbecht fir de Patron an den Ugestallten an der aktueller Situatioun, an där zwar keen Etat de Crise besteet, mee awer en neit Covid-Gesetz gestëmmt gouf? Entsprécht d'Konditioun vum béidsäitegen Accord ablécklech nach der legaler Grondlag? Ginn et Ausnamen? Wa jo, wat fir eng?
2. Gëtt d'Regierung zur Zäit Recommandatiounen u verschidde Betriber, datt si hir Leit wann a wou méiglech nees an d'Heemaarbecht schécke sollen? Wa jo, wat fir Betriber kruten/kréien esou Recommandatiounen a wouop grénnt d'Wiel vun deene Betriber? Sinn dës Recommandatioune fakultativ oder sinn d'Betriber dann obligéiert, hir Leit an d'Heemaarbecht ze schécken?
3. Ännert esou eng Recommandatioun eppes un der Rechtslag vun der Heemaarbecht fir de Patron oder den Ugestallten? Gëtt d'legal Konditioun vum béidsäitegen Accord tëscht Patron an Ugestallten an deem Fall a Fro gestallt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten